

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 6. Mäerz 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„Am Mäerz steet de Kampf géint den Daarmkriibs am Méttelpunkt vun enger Preventiounscampagne vum Gesondheetsministère. Souginn all zwee Joer Invitatiounen u Persounen tëschent 55 a 74 Joergeschéckt.

De Radio 100,7 huet kierzlech informéiert, datt zu Lëtzebuerg den Daarmkriibs déi zweetheefegst Doudesursaach duerch Kriibs ass. Gëtt dësen awer fréi genuch entdeckt, da kann een en an 90% vun de Fäll heelen. Den Depistage spillt deemno eng wichteg Roll. Leider ass d'Participatioun um organiséierte Screening Programm nach niddreg, betount de Gesondheetsministère, mee si géing awer lues a lues klammen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung folgend Froe stellen:

- Wéi vill Leit hunn zanter 2018 um organiséierte Screening Programm vum Ministère a Saachen Daarmkriibs deelgeholl? Wéi vill Prozent vun de verschéckten Invitatioune goufe mat enger Demande fir en Test ze maache beäntwert?*
- Wéi vill Prozent vun de realiséierten Tester ware positiv a konnten deemno op en Daarmkriibs hi schléissen?*
- Wéi wëllt de Gesondheetsministère de betraffene Public an noer Zukunft nach méi staark sensibiliséiere fir um organiséierte Screening Programm, dee jo gratis ass, deelzehuelen?*
- Wéi sinn d'Käschte vum organiséierte Screening Programm zanter 2018 evoluéiert? “*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



Gusty GRAAS
Deputéierten